



SYVICOL

Syndicat des Villes et
Communes Luxembourgeoises

Europäesch Mobilitéitswoch

Communiqué vum SYVICOL am Kader vun der Pressekonferenz vum 14. September 2020 um Kierchbierg

„De Summer 2020 – e richtege Vëlossummer“

Wann et ee Verkéiersmëttel gëtt, dat am Corona-Summer am Mëttelpunkt stoung, dann ass et de Vëlo. De Summer 2020 war ee richtege Vëlos-Summer! Et gouf ee reegelrechte Rush op d'Vëloen an sëllege Butteker hei am Land. Dobäi koum d'Aktioun vum Mobilitéitsminister François Bausch, fir eng Rei Stroossen iwwer Land zäitweis fir den Autosverkéier ze spären an se dann de Cyclisten zur Verfügung ze stellen.

Vill Leit sinn wéinst dem Virus net wéi gewinnt an d'Ausland gefuer, mee hunn doheem Vakanz gemaach. Vill dovunner hu dann vun der Geleeënheet profitéiert, fir onst Land um Drotiesel ze entdecken.

Dës Aktioun vum Mobilitéitsministère koum och bei de Gemenge ganz gutt un. De Gemengesyndikat SYVICOL huet d'Initiativ begréisst an säi President Emile Eicher ass der Meenung, datt esou eppes duerchaus ausbaufäeg wier. „Mir hunn dës Iddi vun Ufank un ënnerstëtzt a matgedroen. Et war eng wichteg Measure, déi gehollef huet dem Tourismus hei zu Lëtzebuerg während de Summerméint ënnert d'Ärem ze gräifen.“, esou den Emile Eicher.

De Vëlo als Fortbewegungsmëttel ass fir de President vum SYVICOL, an enger Gesellschaft déi ëmmer méi Wäert op Nohaltegkeet an op d'Reduzéiere vun den Auto-Ofgase leet, net méi ewech ze denken. „Ech sinn der Meenung, datt mir an dem Sujet nach vill Loft no uewen hunn. De Staat muss duerfir suergen, datt d'Infrastrukture fir d'Vëlosfuerer weider verbessert ginn. An dat muss een dann erof deklinéieren op d'Gemengen. Par Rapport zum noen Ausland hunn mir deels ee groussen Nohuelbedarf“, esou den Emile Eicher weider.

De Vëlo misst a sengen Aen och vill méi eng grouss Roll am Tourismus spillen. „Och do mussen d'Hiewelen ugesat gi. Lëtzebuerg huet genuch Potential fir d'Land vum Vëlostourismus ze ginn. An dat gëllt fir all d'Regiounen vun onsem Land.“

De President vum SYVICOL begréisst och, datt am Kader vun der europäescher Mobilitéitswoch, d'Gemengen aus dem Süden verstärkt matmaachen. Den Hannergrond ass



kloer: Esch2022 steet virun der Dier. Am Kader vun der Europäescher Kulturhauptstad 2022 soll de Vëlo bei der Entdeckung vun enger ganzer Géigend eng wichteg Roll spillen an als Fortbewegungsmëttel hei zu Lëtzebuerg duerchaus weider promovéiert ginn.

Déi europäesch Mobilitéitswoch, gëtt et zënter 2002 an gëttall Joer vum 16. op den 22. September geféiert. De SYVICOL ass zënter ville Joren en treie Partner vum Verkéiersverbond a vum Mobilitéitsministère. Den Daachverband vun den 102 Stied a Gemengen hei zu Lëtzebuerg ass frou feststellen, datt och a Corona-Zäite d'Gemengen sech un dëser Initiativ bedeelegen an aktiv matschaffen.

Op der Internetsäit www.mobiliteitswoch.lu kënnen d'Gemengen hir jeeweileg Aktiounen vun der europäescher Mobilitéitswoch an hir Aktivitéiten am Beräich Vëlofueren engem méi breede Public zu Verfügung stellen an en Iwwerbléck iwwert déi konkret Moossnamen am Beräich Mobilitéit ginn. Bis den 22. September kann een do d'Manifestatiounen nach enregistréieren.